## Gemengerot

# vum 19ten September 2025

**Present:** de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) an d'Schäffe Marc Bissen (LSAP) a Max Molitor (LSAP), d'Gemengeconseillere Larry Bonifas (déi gréng), Maryse Frantzen (DP), Cheryl Geschwind (CSV), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP), Claudine Meyer-Deitz (LSAP) a Kevin Urbing (CSV)

**Entschëllegt:** Guy Breden (CSV) an Nathalie Noesen-Heintz (LSAP), Conseilleren

**Ufank vun der Sëtzung:** 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour goufen eestëmmeg ugeholl, ausser de Punkt 16.2.

## ËFFENTLECH SËTZUNG

Vereedegung vum Här Kevin Urbing als Gemengeconseiller.

## KOMMUNIKATIOUNEN

**Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)** begréisst d'Membere vum Gemengerot zur Sëtzung vum 19ten September 2025. Den Ordre du jour gëtt eestëmmeg ugeholl.

**Den Här Guy Kohnen (CSV)**, invitéiert de Gemengerot, de 27ten September um 11 Auer op d'Fest vun der Inclusiounskommissioun, déi am Quartier Elmen zu Ollem stattfënnt.

**D'Madamm Natacha KOCH (CSV)** deelt mat dass d'Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen Ufank der Woch a Kenntnis gesat gouf, dass de Chrëschtmaart net dierft beim Zelt stattfannen. Wéi d'Buvette mat de Vestiäre virun dräi Joer frësch gemaach gouf, huet d'Kommissioun ëmmer gesot krut dass d'Containeren iergendwann ewechgeholl ginn, fir kënnen de Chrëschtmaart bësse méi kompakt ze gestalten. D' Madamm Natacha Koch krut am Laf vun der Woch matgedeelt, datt de Schäfferot d'Entscheedung geholl huet, datt de Chrëschtmaart awer elo op der Plaz wou d'Container zurzäit nach sti wäert stattfannen. Si schwätzt am Numm vun der Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen dem Schäfferot ee grousse Merci aus. D'Ofdeele vum Parking bréngt mat sech dass vill Probleemer kënnen evitéiert ginn, souwuel fir d'Gemeng wéi och fir d'Visiteuren. De Chrëschtmaart kann deemno schéi propper uewe stattfannen an domadde gëtt och erreecht dass méi eng grouss Harmonie entsteet. Déi Leit déi ënnen e Stand haten hunn ëmmer gesot dass si sech eleng fillen, well einfach Distanz ze grouss ass tëschent dem iewweschten Deel an deem ënneschten Deel.

**D'Madamm Natacha KOCH (CSV)** informéiert datt d'Kommissioun vum 3ten Alter eng Demande bei der Gemeng gemaacht huet, fir d'Kaddoe bezüglech der Seniorefeier duerch ee Summerfest ze ersetzen, well duerch déi grouss Unzuel vu Kadoen ginn esou lues d'Iddien aus. Dës Demande gouf net refuséiert mä et gouf gesot dass zu deem Zäitpunkt e sou e Fest nach net a Betruecht gezu gëtt. D'Kommissioun géif sech awer freeë wann zesumme mat der Verwaltung géif gekuckt gi fir eppes an deem Sënn ze organiséieren. Vu datt d'Leit d'Seniorefeier wierklech honoréiere géif esou eng Feier anstatt vun engem Kaddo, eventuell ab nächstem Joer, bestëmmt ee grousse Succès ginn.

**Den Här Marc BISSEN (LSAP)** huet nach zwou Remarke betreffend dem Chrëschtmaart an der Seniorefeier. D'Verwaltung wäert dëst Joer eng provisoresch Léisung fanne fir dat de Chrëschtmaart uewe ka stattfannen, mee d'Iddi besteet fir eppes méi Definitives ze maachen, net nëmme fir de Chrëschtmaart oder Kiermes ze feiere mee och fir eng Plaz ze hunn, wou d'Leit sech kënne zesummen hisetzen an deemno soll op dem Site e klengt Amenagement gemaach ginn

Betreffend der Demande vun der Kommissioun vum 3ten Alter, de Schäfferot hat schonn doriwwer rieds, an eng Alternativ wier, souwéi an eisen Nopeschgemengen, ee Format ze proposéiere wat a Richtung Summerfest geet. Iwwert dee Wee, kann een an engems eppes maache fir deene Leit déi sech benevole an de Veräiner engagéieren a sech fir d'Gemeng asetzen, wat och vill Seniore betrëfft, Merci ze soe andeems een hinnen e Moment vun Unerkennung a Gesellegkeet schenkt.

**Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)** deelt mat datt de Chantier an der Mamer Strooss wärend dem Kollektivcongé op war, säit der Rentrée gutt viru geet, an datt dësen an deem momentane Rhythmus mat Zäite fäerdeg wäert ginn. Dat heescht Ënn November / Ufank Dezember, also virum nächste Kollektivcongé am Wanter. Et gesäit een och elo schonns, datt d'Strooss méi schmuel an d'Trottoire méi breet gi sinn.

A punkto Personal huet d'Verwaltung dräi nei Mataarbechter. Am technesche Service huet d'Madamm Schehersada Bajrami als Sekretärin ugefaang an d'Madamm Céline La Monica als Architektin respektiv Urbanistin. Ab enger gewëssener Awunnerzuel muss eng Verwaltung een Urbanist oder een Architekt bei sech schaffen hunn an opgrond vun de Projeten déi an den nächste Joren nach an der Gemeng ustinn, huet d'Verwaltung dëse Poste schonn antizipéiert. An der Recette huet d'Madamm Christiana Malheiro ugefaang. De Receveur wäert nächst Joer an d'Pensioun goe wou d'Madamm Janine Mendes d'Successeurin wäert sinn an d'Madamm Christiana Malheiro der d'Madamm Janine Mendes hir Assistentin wäert ginn.

An der Nouspelter Strooss bei der Schoul ass de Moment nach keng rout Luucht beim Zebrasträifen. D'Gemeng huet lo Mataarbechter op d'Plaz geschéckt fir moies bëssen Uecht ze ginn. Den technesche Service huet bei der Entreprise Drock gemaach fir dass déi Luucht fir d'Rentrée opgeriicht gëtt, mä et feelt awer nach e Stéck wat awer an deenen nächsten Deeg misst antreffen.

Den Owend ab 20:00 Auer gëtt de Film Operatioun Pauly am Musekssall gewisen. Et geet ëm Leit, dorënner zwee Lëtzebuerger, déi an der Zäit vum 2ten Weltkrich aus engem Konzentratiounslager geflücht sinn. Verschidde Schauspiller kommen hei aus dem Duerf. Trotz dem klenge Budget vun dësem Film, ass et vun der Geschicht hir ganz interessant an d'Gemeng contribuéiert mat engem Éierewäin.

### *1. Deklassement vun enger Parzell situéiert an der 'Rue de Roodt' zu Nouspelt*

De Gemengerot beschléisst d'Parzell n°1151/5286, mat enger Surface vun 0,06 Ar, Sektioun C vun Nouspelt, geleeën um Uert 'Rue de Roodt', vum 'Domaine public communal' an den 'Domaine public privé communal' ze deklasséieren, well dës spéiderhi soll verkaf ginn.

## 2. Compromisen/Akten

### 2.1. Compromis fir den Echange vu Parzelle geleeën um Uert 'Rue de Roodt' zu Nouspelt

De Gemengerot approuvéiert de Compromis fir en Echange deen den 29ten September ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Compromis tauscht d'Societéit 'Penchert S.A.' vertrueden duerch den Här Carlo Schmit mat der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot d'Parzellen n° 1151/5282, Strooss, mat enger Surface vun 0,24 Ar an n°1151/5283, Strooss, mat enger Surface vun 0,01 géint Parzell n°1151/5286, Plaz, mat enger Surface vun 0,06 Ar. All d'Parzelle befannen sech um Uert 'Rue de Roodt', Sektioun C vun Nouspelt. Aus dem Tosch muss d'Gemeng der Societéit 'Penchert S.A.' 190,00 Euro bezuele fir den Ausgläich.

### 2.2. Compromis fir de Kaf vun enger Parzell situéiert um Uert 'Auf der Burg' zu Kielen

De Gemengerot approuvéiert de Compromis deen de 25ten Juli 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an de Konsorten Gilbertz a Schmit ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Compromis keeft d'Gemeng d'Parzell n°1761/7531, Strooss, mat enger Surface vun 0,26 Ar, geleeën um Uert 'Auf der Burg', Sektioun A vu Kielen fir e Montant vun 260,00 Euro.

### 2.3. Compromis fir de Kaf vun engem Gebai geleeën um Uert 'an der Hiel' zu Kielen a spezielle Kredit

De Gemengerot approuvéiert de Compromis deen tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Madamm Muriel Sophie Hélène Becquevort souwéi dem Här Frédéric Nicolas Enrico Marco Gallone, den 8ten August 2025 ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Compromis keeft d'Gemeng Kielen d'Gebai fir e Montant vu 670.000 Euro. Dëst Gebai befënnt sech op der Parzell n°2021/7295, Plaz, mat enger Surface vu 4,97 Ar, geleeën um Uert 'An der Hiel', Sektioun A vu Kielen. Dëse Kaf fënnt statt fir de Notze vun der Allgemengheet. Deemno gëtt dës Gebai kaf fir an enger éischter Phas Sozialwunnengen ze maachen an an enger zweeter Phas fir d'Gemengeplaz ze vergréisseren an e Foussgängerwee ze amenagéieren.

### 2.4. Compromis fir de Verkaf vun enger Parzell situéiert um Uert 'Unter Hohbuch' zu Keespelt

De Gemengerot approuvéiert de Compromis deen de 29ten August 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an d'Madamm Diane Aimée Frisch souwéi dem Här Paul Kayser ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Compromis verkeeft d'Gemeng d'Parzell n°389/3627, Akerland, mat enger Surface vun 3,16 Ar, geleeën um Uert 'Unter Hohbuch', Sektioun E vu Keespelt a Meespelt, fir e Präis vun 3.160,00 Euro.

### 2.5. Verkafsakt fir de Kaf vun zwou Parzelle situéiert um Uert 'Rue de Kopstal' zu Kielen

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt deen de 4ten Juli 2025 tëschent dem Schäfferot vun der Gemeng Kielen an dem Maître Carmen Rimondini, Affekot, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Akt keeft d'Gemeng Kielen d'Parzell n°2040/7045 an d'Parzell n°2040/7046, béid Strooss, mat enger Surface vu jeeweils 0,17 Ar an 0,83 Ar geleeën um Uert 'Rue de Kopstal', Sektioun A vu Kielen, fir e gesamt Präis vun 1.000,00 Euro. Den entspriechenden Compromis gouf vum Gemengerot a senger Sëtzung vum 23ten Mee approuvéiert.

### 2.6. Verkafsakt fir de Kaf vun zwou Parzelle situéiert um Uert 'Auf der Burg' zu Kielen

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt deen de 5ten September 2025 tëschent dem Schäfferot vun der Gemeng Kielen an dem Här Jean Joseph Feyereisen ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Akt keeft d'Gemeng Kielen d'Parzell n°1761/7533 an n°1762/7535, béid Strooss, mat enger Surface vu jeeweils 0,23 Ar an 0,38 Ar, geleeën um Uert 'Auf der Burg', Sektioun A vu Kielen, fir e Präis vu 610,00 Euro. Den entspriechenden Compromis gouf vum Gemengerot a senger Sëtzung vum 18ten Juli 2025 approuvéiert.

### 2.7. Verkafsakt fir de Kaf vun enger Parzell situéiert um Uert 'Auf Eichelbeichel' zu Kielen

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt deen de 5ten September 2025 tëschent dem Schäfferot vun der Gemeng Kielen an der Madamm Myriam Anne Albert Schummers ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Akt keeft d'Gemeng Kielen d'Parzell n°1699/7523, Strooss, mat enger Surface vun 0,17 Ar, geleeën um Uert 'Auf Eichebeichel', Sektioun A vu Kielen, fir en Total vun 170 Euro. Den entspriechenden Compromis gouf vum Gemengerot a senger Sëtzung vum 18ten Juli 2025 approuvéiert.

## 3. Konventiounen

### 3.1. Konventioun mam Essentiel bezüglech den Installatioune fir d'Verdeelung vun der Dageszeitung

De Gemengerot approuvéiert d'Konventioun bezüglech den Installatioune fir d'Verdeelung vun der Dageszeitung, déi den 12ten Juni 2025 tëschent dem Schäfferot vun der Gemeng Kielen an der Societéit 'EDITA S.A.', vertrueden duerch hiren Direkter, den Här Emmanuel Fleig, an der Responsabel fir Verdeelung, d'Madamm Annick Charlier.

### 3.2. Konventioun fir eng Servitude mat der SES (Syndicat des Eaux du Sud) am Kader vun der Installatioun vun enger neier Leitung fir Waasserversuergung DN 300 zu Ollem

De Gemengerot approuvéiert d'Konventioun fir eng Servitude am Kader vun der Installatioun vun enger neier Leitung fir Waasserversuergung DN 300 aus Stol Richtung Waasserschlass a Reservoir zu Mamer, déi de 15ten Juli tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem SES, vertrueden duerch hire Büro, ënnerschriwwe gouf.

## 4. Kontrakter

### 4.1. Kontrakt fir d'Prestatioun vun der Iwwerwaachung an der Gestioun vun de Reservatioune vun zwee Autoen am Kader vum Carsharing - MOOVEE sàrl

De Gemengerot approuvéiert de Kontrakt fir Prestatiounen deen de 17ten September 2025 tëschent der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Societéit Moovee sàrl, vertrueden duerch den Här Sébastien Berthelot, ënnerschriwwe gouf. Bei dësem Kontrakt handelt et sech ëm d'Iwwerwaachung an d'Gestioun vun de Reservatioune vun zwee Autoen, iwwert d'Applikatioun 'Moovee Mobilité'. Dës Autoe stinn am 'Parking Central Jupiter' deen sech zu Ollem op 3, Groussgaass befënnt.

### 4.2. Kontrakt fir de Verkaf vu maritimme Containeren

De Gemengerot approuvéiert de Kontrakt deen den 29ten August 2025 tëschent der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Societéit 'Den Mobilen Handwierker S.àr.l., vertrueden duerch den Här Kai Urbing an den Här Kevin Urbing. Bei dësem Kontrakt handelt et sech ëm de Verkaf vun der Gemeng vun zwee maritimme Containere 40 DV mat enger Mooss vun 12000*2500 mm, fir e Präis vu 4.000 Euro.

### *4.3. Akt fir eng gratis Veräusserung mat der SNHBM* (Société Nationale des Habitations à bon Marché) *bezüglech der 'Maison pour Tous' am Quartier 'Elmen' zu Ollem*

De Gemengerot approuvéiert den Akt fir eng gratis Veräusserung deen de 15ten September 2025 tëschent der SNHBM, vertrueden duerch den Här Guy Entringer, Direkter, an der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Akt veräussert d'Gemeng Kielen der SNHBM fir näischt d"Maison pour tous' déi sech op der Parzell n°789/2747, Sektioun B vun Ollem, geleeën um Uert 'Groussgaass', mat enger Surface vun 9,35 Ar, befënnt.

### *4.4. Bail emphytéotique mat der SNHBM bezüglech der 'Maison pour Tous' am Quartier 'Elmen' zu Ollem*

De Gemengerot approuvéiert de Bail emphytéotique deen de 15ten September 2025 tëschent der SNHBM, vertrueden duerch den Här Guy Entringer, Direkter, an der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Bail emphytéotique raumt d'SNHBM der Gemeng Kielen d'Rescht fir d'Notze vun der 'Maison pour Tous' fir 99 Joer an.

### *4.5. Bail fir e Logement vun der Gemeng geleeën um Rez-de-Chaussée, situéiert um 2 rue de Nospelt zu Ollem – Avenant*

De Gemengerot approuvéiert den Avenant deen de 5ten August 2025 tëschent dem Schäfferot vun der Gemeng Kielen an der 'Fondation pour l'Accès au Logement', vertrueden duerch hire Service 'Agence Immobilière Sociale', ënnerschriwwe gouf. Bei dësem Avenant handelt et sech ëm d'Modifikatioune vun de Modalitéite bezüglech de Chargen déi am initiale Kontrakt, deen de 15ten Januar 2025, ënnerschriwwe gouf, virgesi waren. Am Kloertext handelt et sech ëm d'Suppriméiere vun den Avancë vun de Chargen déi pro Mount vun der 'Agence Immobilière Sociale' bezuelt ginn an dëst säit dem 1ten Januar 2025.

### *4.6. Bail fir e Logement vun der Gemeng geleeën um 1te Stack, situéiert um 2 rue de Nospelt zu Ollem - Avenant*

De Gemengerot approuvéiert den Avenant deen de 5ten August 2025 tëschent dem Schäfferot vun der Gemeng Kielen an der 'Fondation pour l'Accès au Logement', vertrueden duerch hire Service 'Agence Immobilière Sociale', ënnerschriwwe gouf. Bei dësem Avenant handelt et sech ëm d'Modifikatioune vun de Modalitéite bezüglech de Chargen déi am initiale Kontrakt, deen den 2ten Juni 2025, ënnerschriwwe gouf, virgesi waren. Am Kloertext handelt et sech ëm d'Suppriméiere vun den Avancë vun de Chargen déi pro Mount vun der 'Agence Immobilière Sociale' bezuelt ginn an dëst säit dem 1ten Juli 2025.

### *4.7. Kontrakt fir Prestatioun 'Kidssport'*

De Gemengerot approuvéiert de Kontrakt fir Prestatioune bezüglech dem Cours 'Kidssport' deen den 29ten August 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Ricky Bentz, fir d'Period vum 4ten Oktober 2025 bis de 15ten Juli 2026, ënnerschriwwe gouf. D'Seancë fir Kanner vun 2 bis 3 Joer fanne samschdes moies vun 09:30-10:30 Auer statt an d'Seancë fir Kanner vun 3 bis 4 Joer vun 10:45-11:45 Auer an dëst an der Sportshal an der Liberatiounsstrooss zu Kielen. An de Schoulvakanze fanne keng Coursë statt.

### *4.8. Kontrakt fir d'Prestatioun 'Run for Fun fir Ufänger'*

De Gemengerot approuvéiert de Kontrakt fir Prestatioune bezüglech dem Cours 'Run for Fun fir Ufänger', deen den 10ten September 2025 tëschent der Gemeng Kielen vertrueden duerch hir Schäfferot an der Madamm Patricia Streitz, fir d'Periode vum 21ten September 2025 an dem 16ten Juli 2026 ënnerschriwwe gouf. De Prestataire ass responsabel fir d'Fachwësse vun der Aktivitéit, vun der allgemenger Sécherheet vum Grupp a fir déi sportlech a pädagogesch Objektiver déi ëmzesetze sinn.

### *4.9. Contrat de prestation de services 'Run for Fun fir Fortgeschrëttener'*

De Gemengerot approuvéiert de Kontrakt fir Prestatioune bezüglech dem Cours 'Run for Fun fir Fortgeschrëttener', deen den 10ten September 2025 tëschent der Gemeng Kielen vertrueden duerch hir Schäfferot an der Madamm Patricia Streitz, fir d'Periode vum 21ten September 2025 an dem 19ten Juli 2026 ënnerschriwwe gouf. De Prestataire ass responsabel fir d'Fachwësse vun der Aktivitéit, vun der allgemenger Sécherheet vum Grupp a fir déi sportlech a pädagogesch Objektiver déi ëmzesetze sinn.

### *4.10. Contrat de prestation de services « Run for Fun fir Kids »*

De Gemengerot approuvéiert de Kontrakt fir Prestatioune bezüglech dem Cours 'Run for Fun fir Kids', deen den 10ten September 2025 tëschent der Gemeng Kielen vertrueden duerch hir Schäfferot an der Madamm Patricia Streitz, fir d'Periode vum 25ten September 2025 an dem 9ten Juli 2026 ënnerschriwwe gouf. De Prestataire ass responsabel fir d'Fachwësse vun der Aktivitéit, vun der allgemenger Sécherheet vum Grupp a fir déi sportlech a pädagogesch Objektiver déi ëmzesetze sinn.

## *5. Gemengereglementer*

### *5.1. Gemengereglement bezüglech der Locatioun an der Verwendung vun de mobille Spullmaschinnen 'Spullweenchen' a 'Spullwon' souwéi dem Killwon 'Peki'*

De Gemengerot hält d'Modifikatioun vum Reglement bezüglech der Locatioun an der Verwendung vun de mobille Spullmaschinnen 'Spullweenchen' a 'Spullwon' souwéi dem Killwon 'Peki' fest. E Paragraf gouf bei den allgemenge Bedéngunge bäigefüügt, an zwar « Les commissions consultatives communales peuvent également utiliser les lave-vaisselles mobiles 'Spullweenchen' et 'Spullwon', la remorque frigorifique ainsi que la buvette mobile « PEKI » dans le cadre d'événements qu'elles organisent. Elles peuvent, à cette occasion, mettre ce matériel à disposition des associations et clubs locaux, ces derniers sont alors et sous la responsabilité de la commission consultative communale respective, tenues à respecter les présentes conditions d'utilisation ».

### 5.2. Taxereglement bezüglech den Entréespräisser fir Eventer déi vun der Gemeng organiséiert ginn

De Gemengerot decidéiert d'Entréespräisser fir d'Eventer déi vun der Gemeng organiséiert ginn an dräi Kategorien ze klasséieren:

| Catégorie A – Droit d'entrée 'Spectacles intérieurs', Dans toutes les salles communales | Catégorie B – Droit d'entrée 'Spectacles extérieur' A l'extérieur sur le territoire de la commune de Kehlen | Catégorie C – Droit d'entrée 'Spectacles dans tous les lieux publics non communaux' p.ex. église |
|---|---|---|
| 1A: 15,00€ (pour des coûts inférieurs à 5000€) | 1B: 15,00€ (pour des coûts inférieurs à 5000€) | 1C: 15,00€ (pour des coûts inférieurs à 5000€) |
| 2A: 20,00€ (pour des coûts compris entre 5000€ et 10.000€) | 2B: 20,00€ (pour des coûts compris entre 5000€ et 10.000€) | 2C: 20,00€ (pour des coûts compris entre 5000€ et 10.000€) |
| 3A: 30,00€ (pour des coûts supérieurs à 10.000€) | 3B: 30,00€ (pour des coûts supérieurs à 10.000€) | 3C: 30,00€ (pour des coûts supérieurs à 10.000€) |

Weider huet de Gemengerot decidéiert dass

- d'Kanner ënner 4 Joer keng Entrée musse bezuelen;
- d'Kanner tëschent 4 an 12 Joer 50% Reduktioun kréien;
- d'Studenten an d'Schüler 50% Reduktioun kréien;
- d'Senioren déi méi wéi 60 Joer hu 50% Reduktioun kréien;
- d'Persoune mat ageschränkter Mobilitéit 50% Reduktioun kréien.

### 5.3. Taxereglement bezüglech der Locatioun vun Autoen am Kader vum Carsharing

D'Gemeng well de Notzer vum Carsharing Merci soen andeems si e Bong vun 20,00 Euro bei der éischter Aktivatioun vun der Applikatioun 'Moovee Mobility' offréiert. Bei der Aktivatioun muss de Notzer d'Statioun Elmen uklicken an e spezifesche Code aginn deen awer nëmmen den Awunner vun der Gemeng zousteet. Weider fixéiert de Gemengerot de Präis deen de Notzer 'Moovee' muss iwwert d'Applikatioun fir d'Prestatioun bezuelen an dëst zu Gonschte vun der Gemeng.

An dësem Kontext fixéiert de Gemengerot follgend Tariffer fir d'Locatioun vun deen zwee Gefierer vum Carsharing:

- 2,75 Euro pro Stonn + 0,40 Euro pro Kilometer vu 7:00 bis 20:00 Auer
- 1,25 Euro pro Stonn + 0,40 Euro pro Kilometer vun 20:00 bis 07:00 Auer

Weider decidéiert de Gemengerot den Awunner vun der Gemeng Kielen eng Reduktioun vun 20,00 Euro bei der éischter Notzung, unhand vun engem Bong, anzeraumen.

### 5.4. Taxereglement bezüglech der Participatioun um Cours 'Kidssport'

D'Sportskommissioun an d'Familljekommissioun hunn dem Schäfferot d'Propositioun fir d'Organisatioun vun engem Cours genannt 'Kidssport' an der Gemeng Kielen ënnerbreet. Doropshin, fixéiert de Gemengerot den Tarif fir d'Participatioun um Cours Kidssport an zwar 60,00 Euro TTC pro Participant a pro Trimester.

## 6. Kommissiounen

### 6.1. Verkéierskommissioun: Demissioun vun engem Member

Unhand vu sengem Bréif vum 4ten August 2025, huet de Här Marc Wagener seng Demissioun aus der Verkéierskommissioun agereecht. An deem Kontext, approuvéiert de Gemengerot dës Demissioun. D'Verkéierskommissioun setzt sech deemno aus follgende Memberen zesummen:

| N° | Nom / Prénom | | Fonction |
|---|---|---|---|
| 1 | URBING Kevin | CSV | Secrétaire |
| 2 | ENGELS Michel | CSV | membre |
| 3 | MATIAS TRIGO Afonso Filipe | CSV | membre |
| 4 | NOESEN-HEINTZ Nathalie | LSAP | Président |
| 5 | BRONDEN Daniel | LSAP | membre |
| 6 | DA COSTA ROSA Ricardo | DP | membre |
| 7 | VOEGELI Luc | déi gréng | membre |
| 8 | RIES Julien | neutre | membre |
| 9 | vacant | neutre | membre |
| 10 | PICARD Marc | neutre | membre |
| 11 | GOEDERT Tom | neutre | membre |
| 12 | PELLER Franky | neutre | membre |
| 13 | vacant | neutre | membre |

### *6.2. Inklusiounskommissioun: Demissioun vun engem Member*

Unhand vun hirem E-mail vum 25ten August 2025, huet Madamm Nora Riedel-Mahr hir Demissioun aus der Inklusiounskommissioun agereecht. An dem Kontext, approuvéiert de Gemengerot dës Demissioun. D'Inklusiounskommissioun setzt sech deemno aus follgende Memberen zesummen:

| N° | Nom / Prénom | | Fonction |
|---|---|---|---|
| 1 | SCHWARZ Sandy | CSV | Secrétaire |
| 2 | KOHNEN Guy | CSV | Membre |
| 3 | MEIS Sandy | CSV | Membre |
| 4 | REHLINGER Sandra | LSAP | Présidente |
| 5 | GEBELE Bob | LSAP | Membre |
| 6 | CASEY Wendy | DP | Membre |
| 7 | BONIFAS Larry | déi gréng | Membre |
| 8 | PEREIRA-PACIOTTI Patrizia | neutre | Membre |
| 9 | LIESCH Camille | neutre | Membre |
| 10 | vacant | neutre | Membre |
| 11 | LINK Marie-Claire | neutre | Membre |
| 12 | SOW Momar Tallar | neutre | Membre |
| 13 | MARTIN Paul | neutre | Membre |

## *7. Bau vun engem Schacht ausstafféiert mat enger Statioun fir den Drock ze reduzéieren am Kader vun der Versuergung mat Drénkwaasser vun der Uertschaft Dondel – Entworf an Devis*

De Gemengerot approuvéiert den Entworf mat Devis a Pläng bezüglech dem Bau vun engem Schacht ausstafféiert mat enger Statioun fir den Drock ze reduzéieren am Kader vun der Versuergung mat Drénkwaasser vun der Uertschaft Dondel an dee vum Ingenieursbüro Schroeder et Associés de 25ten August 2025 opgestallt gouf. Bei dësem Devis handelt et sech ëm 360.699,29 Euro hTVA (422.018,17 Euro TTC – opgerënnt 425.000,00 Euro). Fir déi künfteg Versuergung mat Drénkwaasser vun der Lokalitéit Dondel ze garantéieren, gëtt den ale Revisounsschacht, ausstafféiert mat enger Statioun fir den Drock ze reduzéieren, ausser Betrib gesat an ersat. Doriwwer eraus, gëtt den aktuelle Site, deen sech op engem Bëschwee befënnt a wéineg accessibel ass, am Kader vun dem genannte Projet op eng aner Plaz verluecht an a Proximitéit vun der Kräizung vun der Staatsstrooss N12 an der « rue de Mersch » mat zousätzlech enger neier Conduite PVC DN 150 erëm opgebaut, wat déi eenzeg Zouleitung ass vum Duerf.

## *8. Erneierung vun de Kräizungen zu Nouspelt CR104a an der rue de Keispelt CR102 zu Kielen – Kontrakt vum Ingenieur*

Et ass wichteg ze erwänen dass de Projet fir d'Erneierunge vun de Kräizungen zu Nouspelt CR104a » an der « rue de Keispelt CR102 » zu Kielen muss vun engem Ingenieursbüro begleet ginn. Deemno approuvéiert de Gemengerot de Kontrakt vum Ingenieursbüro Schroeder & Associés vum 7ten Juli 2025, Referenz NUDI/be/tn-22/828 fir e Montant vu 57.696,74 Euro TTC bezüglech de genannte Kräizungen.

## *9. Confirmatioun vun urgent Verkéiersreglementer vum Schäfferot*

De Gemengerot approuvéiert 5 Verkéiersreglementer vum Schäfferot, an zwar fir Aarbechten am Bauingenieurswiesen an der Erneierung vun der Zon 30 an der « rue de Mamer » zu Kielen an dëst ab dem 25ten August 2025 bis den 19ten Dezember 2025; fir d'Verlagerung vum Busarrêt an dem provisoreschen Zebrasträifen opgrond vum Chantier an der « rue de Capellen » zu Ollem, ab dem 14ten August 2025 bis den 31ten Dezember 2025; fir Aarbechten am Bauingenieurswiesen an der Erneierung vun der Zon 30 an der „rue de Mamer » (« rue de Kopstal » et « rue du Cimetière ») zu Kielen ab dem 27ten August 2025 bis zum Ofschloss vun den Aarbechten; fir d'Gebai n°9 ofzerappen an der « rue du Kiem » zu Kielen, ab dem 29ten August 2025 bis zum Ofschloss vun den Aarbechten; fir Aarbechte fir den Uschloss un de Verdeelungsreseau um 3, Am Schaarfeneck zu Kielen, ab dem 15ten September 2025 bis de 26ten September 2025.

### *10. Plang fir d'Gestioun vun de Bëscher vun der Gemeng Kielen fir den Exercice 2026*

De Fierschter, den Här Daniel Steichen, dee Responsabel ass fir d'Gemeng Kielen, präsentéiert an erkläert de Plang fir d'Gestioun vun de Bëscher. De Gemengerot ass gefuerdert sech zum alljärleche Plang vun der Gestioun vun de Bëscher vun der Gemeng fir den Exercice 2026 ze äusseren. Dëse Plang gouf vum Fierschter iwwerpréift a vum Chef vum Bezierk Zentrum-West vun der ANF den 22ten Juli 2025 ugeholl. Deemno, approuvéiert de Gemengerot dëse Plang fir Gestioun vun de Bëscher fir den Exercice 2026.

| | Investissements (EUR) | | | Revenus (EUR) | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| | Salaires | Factures | Total | Subsides | Recettes | Total |
| **Gestion durable des forêts** | 33 000,00 | 155 000,00 | **188 000,00** | 88 000,00 | 68 000,00 | **156 000,00** |
| **Protection de la nature** | 4 000,00 | 36 000,00 | **40 000,00** | | | |
| **Sensibilisation** | 13 000,00 | 22 000,00 | **35 000,00** | | | |
| **Ressources cynégétiques** | | | | | 12 000,00 | **12 000,00** |
| **Surveillance et Police** | | | | | | |
| **Logistique et personnel** | 41 000,00 | 59 000,00 | **100 000,00** | | | |
| **Grand total :** | 91 000,00 | 272 000,00 | **363 000,00** | 88 000,00 | 80 000,00 | **168 000,00** |

| Synthèse des récoltes de bois | Vol sur écorce en $m^3$ | | |
|---|---|---|---|
| | Grume | Trituration | Total |
| **Autres feuil.** | 50,00 | 500,00 | **550,00** |
| **Epicéas** | | 350,00 | **350,00** |
| **Douglas** | | 100,00 | **100,00** |
| | 50,00 | 950,00 | **1 000,00** |

### *11. Dekonte fir ausseruerdentlech Aarbechten*

De Gemengerot approuvéiert 5 Dekonten sou wéi se presentéiert goufen a beoptraagt de Schäfferot dës Dekonte bei de Kont vun der Gemeng bäizeleeë fir bei der Prozedur vun der Ofrechnung, vun der ieweschter Autoritéit, als Preuve kënne genotzt ze gi fir déi agedroen Depensë kënnen ze justifizéieren, nämlech:

| No. | Libellé des travaux extraordinaires (devis approuvés) | Dépense effective |
|---|---|---|
| 1 | Construction d'un nouveau bâtiment pour l'éducation préscolaire à Kehlen (6.265.385,94 Euros) | 6.150.240,11 Euros |
| 2 | Agrandissement de la maison communale à Kehlen (0,00 Euros) | 370.557,98 Euros |
| 3 | Amélioration de la sécurité générale et technique des bâtiments communaux (160.000,00 Euros) | 195.898,70 Euros |
| 4 | Construction d'une nouvelle salle des fêtes à Olm (3.405.871,00 Euros) | 3.770.624,70 Euros |
| 5 | Mesures d'apaisement du trafic et de sécurisation des passages pour piétons (652.000,00 Euros) | 384.571,18 Euros |

### *12. Confirmatioun vun der Noutmoossnam a spezielle Kredit fir d'Huele vun Noutmoossnamen*

De Gemengerot decidéiert fir d'Noutmoossnam déi de Schäfferot geholl huet ze confirméieren. Ausserdeem approuvéiert de Gemengerot all Noutmoossnamen, déi am Kader vum Schutz vun der Securitéit an der ëffentlech Hygiène, virfinanzéiert goufen.

### *13. ASBL Op Schéimerech – Ausseruerdentleche Subsid*

Unhand vun hirem Schreiwes vum 1ten September 2025, huet d'ASBL Op Schéimerch e Subsid ugefrot fir d'Festivitéiten déi den 18ten Oktober 2025 am Kader vun hirem 25ten Gebuertsdag stattfannen. Deemno raumt de Gemengerot der genannter ASBL e Subsid vun 1.500 Euro an.

### *14. Deponéiere vun de Statute vun der Associatioun « Fitness Club Nouspelt »*

D'Associatioun « Fitness Club Nospelt » huet de 5ten August 2025 hir Statuten deposéiert. De Gemengerot hëlt Kenntnis vun dëse Statuten.

### *15. Kollektivvertrag vun de Salariéë mat handwierklechen Tâchen – Avenant*

De Gemengerot approuvéiert den Avenant zum Kollektivvertrag vun de Salariéeë mat enger handwierklecher Tâche (fir d'Period vum 1ten Juli 2021 bis den 31ten Dezember 2023), deen de 17ten September 2025 tëschent dem Syndikat Lëtzebuerger Chrëschtleche Gewerkschaftsbond – LCGB vertrueden duerch hire Sekretär adjoint. D'Modifikatiounen déi am Avenant virgesinn si bezéien sech op d'Indemnitéite fir Noutsituatiounen, Aarbechtskleedung, speziell Dispositiounen, bezuelte Congé souwéi och Dispens vum Service.

## GESCHLOSSE SËTZUNG

### *16. Ugeleeënheete vum Personal – Verwaltung*

#### *16.1. Ernennung am provisoresche Service vum engem Gemengebeamten an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives fir de Gemenge Sekretariat*

De Gemengerot ernennt am provisoresche Service, unhand vun engem geheime Vott, e Gemengebeamte fir de Gemenge Sekretariat, an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives.

#### *16.2. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie A, Loungrupp A1, Ënnergrupp Administratives – Maison pour Tous zu Elmen*

De Gemengerot ernennt unhand vun engem geheime Vott e Gemengenemployé fir d'Maison pour Tous zu Elmen an der Kategorie A, Loungrupp A1, Ënnergrupp Administratives.

### *17. Ugeleeënheete vum Personal – Kommunalen Erzéiungs- an Empfangdéngscht fir Kanner*

#### *17.1. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales*

De Gemengerot ernennt unhand vun engem geheime Vott een Educateur diplômé fir de SEA vun der Gemeng Kielen mat enger Tâche vun 90% (36 Stonne pro Woch) ënnert dem Statut vum Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Sociales.

#### *17.2. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Sociales*

De Gemengerot ernennt unhand vun engem geheime Vott e Gemengenemployé fir de SEA vun der Gemeng Kielen mat enger Tâche vun 30 Stonne pro Woch, ënnert dem Statut vum Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Sociales.

#### *17.3. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Sociales*

De Gemengerot ernennt unhand vun engem geheime Vott e Gemengenemployé fir de SEA vun der Gemeng Kielen mat enger Tâche vun 30 Stonne pro Woch, ënnert dem Statut vum Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Sociales.

#### *17.4. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales*

De Gemengerot ernennt unhand vun engem geheime Vott een Educateur diplômé fir de SEA vun der Gemeng Kielen mat enger Tâche vu 60% (24 Stonne pro Woch) ënnert dem Statut vum Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Sociales.

#### *17.5. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales*

De Gemengerot ernennt unhand vun engem geheime Vott een Educateur diplômé fir de SEA vun der Gemeng Kielen mat enger Tâche vun 90% (36 Stonne pro Woch) ënnert dem Statut vum Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Sociales.

#### *17.6. Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Sociales*

De Gemengerot approuvéiert déi fräiwëlleg Demissioun vun engem Gemengenemployé vum Service SEA.

#### *17.7. Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Sociales*

De Gemengerot approuvéiert déi fräiwëlleg Demissioun vun engem Gemengenemployé vum Service SEA.

#### *17.8. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales*

De Gemengerot decidéiert, no der Applikatioun vum Artikel 19 vum geännerte Groussherzogleche Reglement vum 28ten Juli 2017 betreffend dem Regime an den Indemnitéite vun de Gemengenemployéen, d'Klassement vun de Funktioune vun engem Gemengenemployé an de Grad 12, 2ten Echelon, 305 Punkten an dëst an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Sociales.

#### *17.9. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales*

De Gemengerot decidéiert, no der Applikatioun vum Artikel 19 vum geännerte Groussherzogleche Reglement vum 28ten Juli 2017 betreffend dem Regime an den Indemnitéite vun de Gemengenemployéen, d'Klassement vun de Funktioune vun engem Gemengenemployé an de Grad 7, 7ten Echelon, 230 Punkten an dëst an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Sociales.